



N°644
Entrée le 22.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.04.2024
Chambre des Députés

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Aktuell sinn 18.166 Leit op der Sich no enger Aarbecht bei der ADEM ageschriwwen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Aarbechtsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi vill vun deene Leit, déi aktuell bei der ADEM ageschriwwen sinn, hunn hire Wunnsätz, ausgedréckt an absolutten Zuelen, zu Lëtzebuerg? Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, ob wéi eng Länner déi Leit sech verdeelen, déi net hei wunnen?
- 2) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi d'Opdeelung vun de Clienten vun der ADEM no Staatszougehéieregkeet regroupéiert an dobäi och eventuell Duebelnationalitéite präziséieren?
- 3) An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 5608 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen aus der Legislaturperiod 2018-2023 huet Äre Virgänger geäntwert, datt nom deemolege Stand 682 Leit bei der ADEM ageschriwwen waren, déi weder eng vun eisen dräi Amtssproochen, nach Englesch beherrschen. Wéi huet déi Zuel sech säitdeem entwéckelt?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire n°644 de Monsieur le Député Fred KEUP

Fro N°1 : Wéi vill vun deene Leit, déi aktuell bei der ADEM ageschriwwen sinn, hunn hire Wunnsätz, ausgedréckt an absoluten Zuelen, zu Lëtzebuerg? Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, ob wéi eng Länner déi Leit sech verdeelen, déi net hei wunnen?

| Pays de résidence | Résidents disponibles | Non-résidents (Sans statut spécifique) | Non-résidents à capacité de travail réduite |
|-------------------|-----------------------|---|--|
| Allemagne | 0 | 123 | 370 |
| Belgique | 0 | 232 | 390 |
| Autres – UE | 0 | 1 | 12 |
| France | 0 | 706 | 1.140 |
| Italie | 0 | 1 | 0 |
| Luxembourg | 18.166 | 0 | 0 |
| Non-UE | 0 | 1 | 0 |
| Portugal | 0 | 0 | 3 |
| TOTAL | 18.166 | 1.064 | 1.915 |

Statistiken vum 29 Februar 2024.

Fro N°2 : Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi d'Opdeelung vun de Clienten vun der ADEM no Staatszugehéieregkeet regruppéiert an dobäi och eventuell Duebelnationalitéite präziséieren?

| Nationalité | Résidents disponibles | Non-résidents (Sans statut spécifique) | Non-résidents à capacité de travail réduite |
|--------------|-----------------------|---|--|
| Allemagne | 250 | 64 | 301 |
| Belgique | 439 | 142 | 308 |
| Autres – UE | 1.306 | 59 | 39 |
| France | 1.202 | 543 | 981 |
| Italie | 758 | 38 | 41 |
| Luxembourg | 5.782 | 85 | 107 |
| Non-UE | 4.186 | 47 | 3 |
| Portugal | 4.243 | 86 | 135 |
| TOTAL | 18.166 | 1.064 | 1.915 |

Statistiken vum 29 Februar 2024. / Duebelnationalitéite kënnen net präziséiert ginn.

Fro N°3 : An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro N°5608 vum honorabelen Deputéierte Jeff ENGELEN aus der Legislaturperiod 2018-2023 huet Äre Virgänger geäntwert, datt nom deemolege Stand 682 Leit bei der ADEM ageschriwwen waren, déi weder eng vun eisen dräi Amtssproochen, nach Englesch beherrschen. Wéi huet déi Zuel sech säitdem entwéckelt?

Op den 24. Abrëll 2024 waren 903 „Résidents disponibles“ bei der ADEM ageschriwwen, déi weder eng vun den dräi Amtssproochen, nach Englesch beherrschen.

Luxembourg, le 6 mai 2024

**(s.) Georges MISCHO
Ministre du Travail**